N°2796
Entrée le 02.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Sports

**Äntwert vum Här Sportsminister, Georges Mischo op d'parlamentaresch Fro n° 2796 vum 20.08.2025 vum honorabelen Deputéierten Sven Clement.**

**1° Stëmmt et, dass de Regierungsrot, esou ewéi et am Zeitungsartikel steet, d'Propositioune vum Sportminister 2 mol verworf huet?**

Nee. D'Propositioun vum Sportminister stoung den 24. Juli um Ordre du Jour vum Regierungsrot.

**2° Stëmmt et, dass Absënns d'Propositioun vum Minister, wat de Poste vum Präsident ubelaangt, verworf ginn ass, obschonn dëse laut Aussoe vum Minister am besoten Zeitungsartikel déi neidesch Erfarung huet?**

Et gëtt op d'Äntwert op d'Fro 1 verwisen.

**3° Kann de Minister bestätegen, dass et virun allem d'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten heibäi hier Bedenken hat? Wa jo, wat fir Bedenke waren dat?**

Et gëtt op d'Äntwert op d'Fro 1 verwisen.

**4° Laut de Bestëmmunge vum virdru genannte Gesetz muss eng vun den 9 Persounen aus dem Verwaltungsrot Kompetenzen am Beräich vun der Verwaltung vu Betriber hunn. Et stellt sech elo eraus, dass den neie Präsident des Roll mat soll iwwerhuelen. Wat qualifizéiert de fréieren Diplomat fir dës Funktioun ze iwwerhuelen?**

D'ofgeännert Gesetz vum 29. Juli 2000 iwwert Organisatioun vum nationale Sport a Kulturzentrum geséit engersäits fir dass en vun den Memberen vum Verwaltungsrot eraus gesicht gëtt op Grond vun sengen Kompetenzen am Beräich vun der Verwaltung vu Betriber. Dat selwecht Gesetz geséit dann och fir dass de Regierungsrot den Präsident an den Vize Präsident bestëmmt. Des zwou Bestëmmungen schléissen sech net géigesäiteg aus. De Regierungsrot huet d'Ausbildung esou wei déi jorelaang Erfarung an der Gestioun vun Betriber vun der betraffener Persoun als zoutreffend ugesinn fir dëser Kompetenz gerecht ze ginn.

**5° Am besoten Zeitungsinterview sot de Sportminister wuertwiertlech: „Der Verwaltungsrat ist so aufgestellt, dass er gut funktionieren kann. Viele Leute haben im Sport ihr Zuhause. Es ist ein tolles Team, das nicht aus einfachen Kopfnickern besteht. Das möchte ich unterstreichen."**

- **Huet de Sportminister sech heimadder op de viregte Verwaltungsrot bezunn an seng Memberen domadder pauschal als „ einfache Kopfnicker" bezeechent?**

  Neen, des Ausso war eng einfach Feststellung déi net op viregt Memberen bezunn war.

- **Wei kennt de Sportminister zum Urteel, dass am viregte Verwaltungsrot lauter „einfache Kopfnicker" waren, obwuel d'Reunioune vum Verwaltungsrot nët ëffentlech sinn?**
- **Ass sech de Sportminister bewosst, dass en domadder och déi 2 Membere vum fréiere Verwaltungsrot, dorënner och säin ursprünglech proposéierte Präsident, ofgestempelt huet, deenen hiert Mandat erneiert ginn ass – an domadder no den Aussoe vum Minister, 2 vun 9 Membere vum neie Verwaltungs weiderhin „ einfache Kopfnicker" sinn?**
- **Mengt de Sportminister, dass des Aussoen opportun gewiescht waren?**

  Op Grond vun der Äntwert zum éischten Punkt vun dëser Fro, sinn déi weider Froen hifälleg.

**Lëtzebuerg, den 02.10.2025**
De Sportsminister
(s.) Georges Mischo